



## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

#### Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés

Service des relations publiques de la Chambre des Députés

Tél. 466 966-1

#### Saisie de texte :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale :

brain&more, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries :

Mediahuis Luxembourg SA

60, rue des Bruyères

L-1274 Howald

Editpress SA

Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll

L-4361 Esch-sur-Alzette

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 9. 7675 - Projet de loi autorisant la participation financière de l'État au programme stratégique d'infrastructure de l'Agence OTAN de soutien et d'acquisition (NATO Support and Procurement Agency - NSPA), ainsi qu'à l'infrastructure « Outside Cabling Plant 2 » (OCP2), à Capellen

Dee leschte Punkt op eisem Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7675 iwwert d'Bedeelung vu Lëtzebuerg um Finanzement vun der NATO-Agence NSPA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. A Rapportrice vun dësem Projet de loi ass déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix.** - Très bien!

#### Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

■ **Mme Semiray Ahmedova** (*déi gréng*), *rapportrice*. - Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeinnen a Kolleeen, ech stellen lech haut de mëndleche Rapport zum Gesetzesprojet 7675 vir. Et handelt sech hei ëm e Finanzéierungsgesetz fir déi Lëtzebuurger Participatioun um Infrastrukturprogramm vun der NSPA.

NSPA ass d'Ofkierzung fir „NATO Support and Procurement Agency“. Dat ass eng Agence vun der NATO, wéi schonn ugekënnegt, a si këmmert sech ëm de Kaf an d'Gestioun vu Material. Si gouf 1958 ënnert dem Numm NAMSA gegrënnt. 1968 ass d'NAMSA du vu Frankräich op Lëtzebuerg komm. Säit 2012 dréit se den Numm NSPA.

D'NSPA spillt eng wichteg Roll an ënnerstëtzt déi alliéiert NATO-Partner zum Beispill am Kader vu multinationale Programmer, wéi deene vum MRTT- (Multi-Role Tanker Transport)-Fliger, wou Lëtzebuerg jo och mat bedeelegt ass.

Fir Lëtzebuerg ass d'NSPA och e wichtige Partner fir d'Acquisitioun an den Entretien vun Ausrüstunge vun der Lëtzebuurger Arméi.

De Chiffre d'affaires vun der NSPA-Agence ass mëttlerweil ee vun deene wichtigste vun der NATO ginn an huet 2019 ronn 4 Milliarden Euro ausgemeach. D'Agence beschäftegt aktuell 1.500 Leit, dovunner 1.300 zu Lëtzebuerg, zu Capellen. An eng grouss Majoritéit dovunner sinn och Residenten hei zu Lëtzebuerg.

Niewent dësen direkte Retombées en termes d'emploi gëtt d'NSPA eis awer och eng Visibilitéit innerhalb vun der NATO a stäerkt esou eisen Engagement vis-à-vis vun den alliierte Partner.

Mëttlerweil sinn d'Infrastrukturen an déi ronn 40 Gebailechkeeten zu Capellen awer an d'Jore komm an entspriechen souzeosen och net méi den aktuelle Standarden. D'Agence ass och mat der Zäit gewuess a brauch dréngend méi Plaz. Dofir huet de Comité de surveillance d'agence d'NSPA domadder chargéiert, en Infrastrukturprogramm op d'Been ze stellen. Dat Ganzt huet fënnef Phasen. Fir all Phas gëtt en detailléierten Avant-projet préparéiert. Wann alles no Plang verleeft, dauert de Programm bis 2035.

Lëtzebuerg iwwerhëlt esou zwee Drëttel vun de Konstruktionskäschten. Dës Kontributioun ass esou am Accord iwwert de Sëtz vun der NSPA festgeluecht. Effektiv profitéiere mir jo a besonneschem Mooss duerch d'Presenz vun der NSPA op eisem Territoire. Aner Käschten, wéi zum Beispill de Kaf vu Miwwelen oder Informatik, ginn iwwert den übleche Schlëssel vun der NATO verdeelt. An esou bedeelegt sech Lëtzebuerg do zu 0,1569 % um Kaf. Déi gesamt Käschte fir déi véier Phase belafe sech fir Lëtzebuerg dann op ganzer 200 Milliounen, ouni TVA an ouni Inflatoun.

Derbäi kënn nach eis Kontributioun fir d'Finanzéierung vun engem technesche Gebai fir Dateniuwwerdroung zu Capellen, dem Outside Cabling Plant 2, an dat kascht 1,75 Milliounen Euro, och erëm ouni TVA. Et ass awer ganz wichteg ze betounen, datt béid Montanten integral ënner eisen Effort de défense am Kader vun eisem Engagement an der NATO falen.

Kuerz zu den Aarbechte vun der Kommissioun: De Projet de loi ass den 22. September 2020 vum Verdeedegungsminister deponéiert ginn.

De Staatsrot huet den 1. Dezember 2020 säin Avis ofginn. Dora bemierkt de Staatsrot, datt den Intitulé vum Projet onvollstänneg wier. Dëst gouf redresséiert an dem Staatsrot och per Bréif de 4. Februar esou matgedeelt. De korrekten Intitulé ass also « Projet de loi autorisant la participation financière de l'État au programme stratégique d'infrastructure de l'Agence OTAN de soutien et d'acquisition (NATO Support and Procurement Agency - NSPA), ainsi qu'à l'infrastructure "Outside Cabling Plant 2" (OCP2), à Capellen ».

Déi aner Remarque vum Staatsrot waren zur Terminologie vum Finanzéierungsgesetz a goufen och vun der Kommissioun esou iwwerholl.

De Projet de loi gouf an der Sëtzung vum 4. Februar 2021 virgestallt an zesumme mam Avis vum Staatsrot diskutéiert. De Rapport gouf den 9. Februar dëst Joer och ugeholl.

Fir zum Schluss ze kommen, wëll ech nach all deenen, déi un dësem Gesetzesprojet matgewierkt hunn, natierlech e ganz grouse Merci soen. Dat gesot, ginn ech och am Numm vun eiser gréngrer Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojet a soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools der Madamm Rapportrice Semiray Ahmedova.

Ech ginn d'Wuert direkt weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf.

#### Discussion générale

■ **M. Jean-Marie Halsdorf** (*CSV*). - Merci, Här President. Léif Kolleeinnen a Kolleeen, fir d'alleréischt merci der Rapportrice fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport, deen, mengen ech, praktesch alles seet. Ech wollt awer zwou, dräi Saache soen.

Dat Éischt ass effektiv emol, dass d'CSV déi finanziell Bedeelung ënnerstëtzt. D'CSV stoung nach ëmmer zur NATO, steet zur transatlantescher Wäertegemeinschaft. Demokratie, Rechtsstaat a Mënscherechter si fir eis eppes ganz Wichteges. A mir hoffen och, dass deen neien US-President Biden, deen haut jo un enger virtueller Sécherheetskonzferenz zu München deelgeholl huet, e bessere Mateneen an der NATO bréngt.

Mir wëssen alleguerten: Sécherheet gëtt et net zum Nulltariff. D'Arméi brauche mer, an dat kascht eppes. Esou ass et och bei den NATO-Agencen. Si sinn och wichteg Piliere vun der NATO, justement vun deem Verbund, an dës goufe jo an de leschte Jore stramm ëmorganiséiert. A mir kënnen wierklech frou sinn, well et waren an déi 20 Agencen an der NATO ginn an et gëtt der elo emol keng zéng méi. Mir hunn eng zu Lëtzebuerg behalen - mat eng vun deene gréissten. Dorop soll een houfreg sinn. Dat ass eng gutt Saach an duerfir, mengen ech, kann een dat nëmmen ënnerstëtzen, déi fréier NAMSA, déi 1958 a Frankräich war, 1968 op d'Cap komm ass an déi jo elo dann als NSPA nei op d'Welt komm ass, géif ech bal soen.

Mee bon, mir woussten a mir wëssen et alleguerten, déi Politik maachen an déi sech fir d'Arméi interresséieren, dass déi Infrastrukturen op der Cap hu musse moderniséiert ginn. Dat soll jo da mat dësem Gesetz op den Horizont 2035 geschéien. D'Phas 1 ass jo gekläert, mee bei der Phas 2 bis d'Phas 5, Här Minister, hunn ech e bësse Bedenken. Ech stelle mer d'Fro, ob déi 10 % Reserv effektiv duerginn, well hei gëtt jo geschwat ouni TVA, ouni Inflatoun an hei an do.

Also, emol kucken, wéi et weidergeet. Ech géif duerfir mengen, et wär gutt, wann de Minister eis da géif au fur et à mesure, wéi déi Etappen ëmgesat ginn, an d'Bild setzen a soen: „Voilà, elo si mer do drun. Dat kascht esou vill an esou weider.“ Dat heescht, ech mengen, et ass wichteg, dass d'Chamber an d'Bild gesat gëtt. Dorop insistéiere mer a mir wäre frou, wann dat de Fall wär.

Ofschléissend wollt ech soen: An eiser globaliséierter Welt vum 21. Joerhonnert, ech mengen, do ass

et wichteg, eng staark Allianz vun den Demokratien ze hunn, also eng staark NATO, wou d'USA an Europa op Aenhéicht sinn. Dat ass fir mech ganz wichteg. An ouni Kale Krich. Duerfir brauche mer och hei zu Lëtzebuerg am 21. Joerhonnert eng Defensepolitik, déi transparent a gutt erkläert gëtt. Dat ass ganz, ganz wichteg, well da kriss de och de Support vun de Leit. A justement eist demokratescht Fundament ass keng Schwächt, mee eng Stäerkt vun der Defensepolitik vun der NATO, vun der EU an och vun eisem Land Lëtzebuerg.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Jean-Marie Halsdorf. D'Wuert geet direkt weider un den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas** (*DP*). - Merci, Här President. De 4. Abrëll 1949 gouf jo d'NATO gegrënnt vun zéng verschiddene Länner, dorënner och Lëtzebuerg. Wann een deemools virausgesot hätt, datt och fréier Länner vum Warschauer Pakt eng kéier géifen der NATO bäitrieden, dann hätt een ee warscheinlech awer net fir ganz voll geholl. Mee entre-temps huet sech ganz villes gedoen. Dat huet och derzou gefouert, datt jo u sech 1991 dunne e gréissere Strategiewissel um Niveau vun der NATO koum.

D'NATO, déi, wéi vill Organisatiounen, gutt Zäite kann huet, manner gutt Zäite kann huet, war an de leschte Joren zimmlech staark an der Kritik. Ech wëll drun erënneren, datt de fréieren amerikanesche President, den Här Trump, schonn 2017 eng kéier gesot huet, d'NATO wier obsolet. Den Här Macron, dee mer natierlech vill méi sympathesch ass, huet 2019 gesot, d'NATO wier gehierdout. Ech mengen, souwuel deen ee wéi deen aneren hu se vläicht op hir Manéier awer e bëssen iwwerdrüwen. Et muss een am Nachhinein awer soen, datt warscheinlech kee vun en allen zwee Recht hat an datt d'NATO nach wie vor awer e staarkt Bündnis ass. Wat awer net wëllt heeschen, datt net nach muss dru geschaff ginn.

Mäi Virriedner ass virdrun hei drop agaangen, datt natierlech elo um Niveau vun de Vereenegte Staate vun Amerika en neie Wand bléist. An effektiv, net méi spéit wéi haut ass jo déi Münchener Sécherheetskonzferenz, déi leider net ka physesch stattfannen. Da maache se dat alt, wéi mir et jo och bei vilen Organisatioune maachen. An do huet den Joe Biden u sech schonn eng Ausso gemaach, déi awer dach Hoffnung matbréngt fir d'NATO. En huet am Fong elo net méi esou direkt vun deenen 2 % geschwat, datt dat en Objektiv wier, wat all Land misst erreechen, mee en huet éischter am Fong geholl den Europäer d'Hand gereecht a gesot: „Majo, kommt Dir emol mat neien Iddien! Wéi kënnen mer d'NATO dann nach an Zukunft verbessern?“

Mir hunn natierlech déi grouss Chance hei zu Lëtzebuerg, datt mer zënter 1968, wéi gesot, déi fréier NAMSA hunn, haut d'NSPA. Dat ass och fir den Image de marque vun dësem Land ganz wichteg. Et dierf een net vergiessen, datt d'NSPA u sech net onbedéngt reng militäresch Aufgaben huet. Ech wëll och drun erënneren, datt se elo zum Beispill an der Pandemie ganz aktiv an Italie war, datt se do dem Militär sechs Spideeler zur Verfügung gestallt huet oder datt se elo mat zéng gréissere Boeingen an den Afghanistan geflunn ass, fir Medikamenter dohinner ze liwweren. Also, wat se alles dann do organiséiert huet, dat beweist jo, datt awer och hei nieft deem militäreschen Objektiv och vill human Aufgaben derhannertstinn.

D'NAMSA - respektiv haut d'NSPA - war natierlech och zäitweis a méi schwierigen Zäiten. Ech erënneren do un 2014, wou souguer vu Stellenofbau geschwat ginn ass. Haut si mer an enger ganz anerer Situatioun. Haut muss een och op den ekonomeschen Aspekt vun der NSPA hiweisen. Et schaffen do plus ou moins 1.500 Leit, dovunner 1.300 Residenten. D'NSPA ass am direkte Kontakt mat Lëtzebuurger Betriber. D'Lëtzebuurger Betriber profitéieren also vun där Organisatioun. Et ass also och vun deem Standpunkt hier gekuckt, vum ekonomeschen hier, e wichtegt Standbeen, dat een och ouni Zweifel soll an Zukunft fleegen.

Dann dierf een zulescht och net vergiessen, datt zwëschent der Lëtzebuurger Arméi an der NSPA eng ganz gutt Relatioun besteet.

Ech mengen, mir hu scho bei deem Gesetz virdru kuerz iwwert de Bäitrag vu Lëtzebuerg zur NATO oder den Effort de défense geschwat. Nach eng kéier: Mir sinn do net onbedéngt e Musterschüler, loin de là. Mir stinn éischter am leschte Peloton. Dowéinst ass et och net méi wéi richtig, datt mer gewëssen Efforte maachen. Och deen heiten dréit derzou bäi, och wa mer eis natierlech net dierfen déi ganz grouss Illusioune maachen. Et sinn net déi heite Projeten - déi zwar net onweesentlech sinn! -, mee et sinn och nach aner Projeten, déi wäerten derzou bäidroen, datt mir eise Prozentsaz, dee jo de Moment zwëschen 0,6 an 0,7 läit, awer nach eng kéier kënnen eropschrauwen, op mindestens 1 %, géif ech mengen.

Jiddefalls, dës Infrastrukture mussen erneiert ginn. Zu Capelle sinn déi momentan net méi grad, loosse mer soen „up to date“. Si mussen ugepasst ginn. Dat ass och richtig esou.

Ech hunn och eng ganz kleng Remark ze maachen: Effektiv, wann een d'Evolution vun de Käschten elo kuckt bis 2035, do ass zwar eng Marge vun 10 % mataberechent. Ech hoffe jiddefalls, datt déi Marge vun 10 % duergeet, well mer zu dësem Zäitpunkt jo awer d'Evolution vun de Käschten net genee kënnen ofschätzen. Mee bon, et ass awer zumindest emol scho versicht ginn, eng gewësse Barriär virzegesinn, eng gewësse Reserv virzegesinn, wat och richtig ass.

An datt Lëtzebuerg deen IT-Bau - loosse mer et emol esou nennen - finanzéiert, dat fanne mir als Demokratesch Partei och ganz normal. Duerfir wäert ech och hei den Accord vun der Partei vun der DP bréngen. Ech soen awer och der Madamm Ahmedova nach e ganz grouse Merci - a, doënne sëtzt sel - fir hir zwee Rapporten. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci, Här Gusty Graas. Da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch** (*LSAP*). - Merci, Här President. Et ass schonn impressionnant, dass mir hei zu Lëtzebuerg zënter 1968 eng wierklech grouss a bedeiend Struktur stoen hunn, wou ronn 1.500 Leit beschäftegt sinn a wou an iwwer 40 Gebailechkeete wichteg Aarbechte geleescht ginn am Kontext vun internationalen Operatiounen, awer och fir de wichtige Rôle vun der NATO bei der Gestioun vu multinationale Projeten ze begleeten. Vu Materialbeschafung bis hin zur Maintenance, Ekipementer, Logistik, Transport ass d'Palett vun den Aarbechten, déi do geleescht ginn, eng ganz grouss an och eng ganz wichteg.

Déi Struktur, déi eebe scho sou laang bei eis ass, ass mat der Zäit och gewuess. Et ass och elo e gudd Moment, fir Adaptatiounen ze maachen, net nëmmen un de Gebailechkeete selwer, mee och un den Aarbechtskonditioune vun de Leit fir d'Verbesserung vun der Aarbechtssécherheet, vun der Aarbechtsgesondheet. Dat ass fir eis ëmmer e ganz wichtigen Aspekt bei Projete wéi deem heiten.

Et ass schonn hei ugedeit ginn: Et ass eng Struktur, déi am internationale Kontext wichteg ass, mat där mer eng gutt Visibilitéit als Lëtzebuurger hunn, déi unerkannt gëtt fir eisen internationalen Defense-Effort. Mee et ass awer och eng Struktur, déi eis als Land eppes bréngt. Ech wëll just ee Beispill hei nennen: Tëscht 2015 an 2019 goufen en moyenne Kontrakter am Wäert vu 24,5 Milliounen pro Joer u Lëtzebuurger Entreprisé verginn. Dat ass ganz wichteg.

En anert Beispill, wat ech och virdru schonn ugedeit hat bei deem anere Projet, dee mer elo grad gestëmmt hunn, dat ass dee wichtigen Asaz fir d'Zivillbevölkerung, grad elo am Kontext vun der Pandemie. Mäi Virriedner huet vu verschiddenen internationale Projete geschwat, déi zum Deel hei matgesteiert gi sinn. Ech denken awer och un een, dee bei eis selwer war, nämlech dat Feldspidol, wat a Rekordzäit nieft dem CHL konnt opgericht ginn, wat eng ganz wichteg Struktur am Ufank vun der Pandemie hei zu Lëtzebuerg war.

Et sollt een ëmmer bei deene Projeten, déi mir hei stëmmen fir d'Lëtzebuurger Arméi, fir déi Strukturen, déi mir hei am Land hunn, betounen, dass et net nëmmen ëm en Effort fir d'Defense geet, wou mir als Bündnispartner gefuerdert sinn, mee och ëmmer ëm aner Missiounen, déi d'NATO huet: Friddensmissiounen oder Missiounen a Krisensituatiounen, a Krisegebidder. Dat schéngt mer och ganz wichteg ze sinn, fir d'Akzeptanz bei eise Bierger och permanent ze hunn.

Wéinst all deem, wat ech elo hei gesot hunn, sti mir och der finanzieller Participatioun um Programme stratégique d'infrastructure vun der NSPA 2020-2035 ganz positiv géintiwwer. A mir begrëissen natierlech och, dass dëst unerkannt gëtt fir eisen Defense-Effort.

Bon, et ass e Programme stratégique, an och dat ass schonn hei gesot ginn a virun allem och betount gi vun der Rapportrice, där ech e ganz grouse Merci wëll soen, well si dat hei ganz gutt a ganz ausféierlech resuméiert huet. Et ass och esou, dass dat e laangfristige Programm ass, e strateegesche Programm mat enger Laangzäitorientatioun. Dat fanne mir gutt.

Bon, et ass vläicht normal, dass et fir déi verschidde Phasen elo nach net all detailléiert Avant-projete ka ginn. Dofir fanne mir et gutt - mee de Minister huet och schonn ugedeit, dass et dat wäert maachen -, wann an Zukunft periodesch iwwert de Verlaf vum Programme stratégique an eiser Kommissioun kann informéiert ginn, vu dass bei enger Lafzäit bis 2035 natierlech eng ganz Rei vu wichtigen Adaptatiounen en cours de route kommen, déi eis interresséieren an an déi mir gäre géifen agebonne ginn.





Domadder géif ech dann och ofschléissen an den Accord vun der LSAP-Fraktioun mat op de Wee ginn. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ech soen der Madamm Lydia Mutsch villmools Merci a ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'éischt och der Madamm Ahmedova Merci soe fir de Rapport. Si huet eis iwwerzeegt. Mir wäerten dëst och als ADR matstëmmen.

Dëse Projet hei erfëllt eigentlech dräi Krittäre fir eng Defensopolitik, fir den Effort de défense, wéi mer e wëlle maachen: En huet dee politesche Retour, en ass beschriwwé gi vu ville Virriedner, ech brauch dat also net ze widerhuelen. En huet den ekonomesche Retour fir eist Land. An en huet de militäresche Retour, den Notze fir eng Zesummenaarbecht, wéi mer et och zum Beispill viru Kuerzem nach beim Satellitt diskutéiert haten oder wéi mer et och an anere Projeten, elo militäresch, medezinesch Infrastrukturen an esou weider, gesinn haten.

Mir sollten, well dat deier ass, d'Arméi, a well den Effort de défense eebe vill Sue kascht, kucken, datt mer esou Projete wéi hei d'NSPA, d'WSA an anerer, wou mer deen dräifache Retour fir eist Land kënn sécheren, prioritär behandelen. Mir kënnen dat net ëmmer maachen. Mir kënnen net nëmmen dat maachen. Awer do, wou mer et kënn maachen, solle mer et maachen, well dann eppes hei zu Lëtzebuerg antrëtt, wat och an anere Länner ass: nämlech de Retour. Wa Frankräich an d'Defense investéiert, dann hu se direkt de Retour économique, well hir Rüstungsindustrie an hirem Land ass. Mir hunn eng aner Situatioun, dofir ass et sënnvoll, militäresch Projeten am Effort de défense ze ënnerstëtzen, déi eis awer e gewëssene Retour kënnen assuréieren.

Dat ass och ganz sécher an Zukunft beim Projet vum Militärspidol zum Beispill de Fall. Dofir hu mir als ADR ënner anerem och dofir insistéiert. A mir ënnerstëtzen d'Regierung, ambitiéis un dee Projet erunzegoen, eeben och, well en all déi Krittären erfëllt an doduerch och sënnvoll ass a gebraucht gëtt fir eeben eist Land.

An deem Sënn soe mir och Jo zu dësem Projet. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Mir Piraten wäerten de Projet och matstëmmen. Merci der Madamm Ahmedova fir de Rapport. Mir ginn dat Ganzt e bësse méi pragmatesch un. An zwar: Well déi Retombée do ass fir d'Ekonomie zu Lëtzebuerg a well mer de Standuert sécheren, si mir och d'accord mat deem Projet.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Verdedegungsminister François Bausch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Défense***.- Här President, ech wëll allen Deputéierte Merci soe fir hir Interventioun, virun allem och der Madamm Ahmedova fir hire guddé schréftlechen a mëndleche Rapport, a selbstverständlech och Merci soen, datt d'Chamber mat esou enger grousser Majoritéit dëse wichtege Projet fir Lëtzebuerg stëmmt. Well, ech mengen, dat heiten ass eng Institutioun, déi gëtt et effektiv scho Joerzénkten. Fir Lëtzebuerg ass et wichteg, fir eis Arméi, mee och fir eist Land. An ech mengen, och international brénkt dat eis ganz vill, datt mer d'NSPA zu Lëtzebuerg hunn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Verdedegungsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7675. Den Text steet am Document parlementaire 7675<sup>2</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7675

D'Ofstëmmé fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### (Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen ugehol.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Aly Kaes), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue (par Mme Josée Lorsché) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

### 10. Résolution de M. Fernand Kartheiser relative à un large débat et à une consultation publique sur la révision constitutionnelle

(Résolution déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 555 de ce compte rendu)

Da kéime mer nach zur Resolutioun iwwert d'Verfassungsrevisioun, déi vum Här Fernand Kartheiser deposéiert ginn ass. Den Här Mars Di Bartolomeo freet direkt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Merci fir d'Wuert, Här President. Fir d'éischt emol sief festgestallt, dass et richteg ass, wéi den Här Kartheiser feststellt, dass déi Aarbechten an der Institutionskommissioun op eng ganz konstruktiv an effikass Aart a Weis virukommen. Ech kann em also zu där doter Feststellung nëmme Recht ginn.

#### (Interruption)

Zweetens, wat d'Vesprieche vun de Parteien ugeet - ech schwätzen do fir meng Partei -, do war et esou, dass et jiddefalls bei der LSAP esou war, dass d'LSAP derfir agetrueden ass, fir e Referendum zu enger Gesamtverfassungsrevisioun ze maachen. An ech mengen, dass dat och bei enger Rei vun anere Parteien de Fall war.

Ech weess net, ob dat drop zréckzeféieren ass, dass den Här Kartheiser relativ nei an där Institutionskommissioun ass, dass e versicht, déi verschidde Saache mateneen ze verméschen.

Mir sinn net méi an der Approche vun enger Gesamtverfassungsrevisioun, mee mir sinn an der Approche vun Deelverfassungsrevisiounen, wou mer Deeler vun där bestoender Verfassung iwwerhuelen. Et ass also net esou, wéi wa mer nach bei 2018 géife stoen. Ech brauch net op déi Ëmstänn anzegoen, firwat dass mer an där doter Situatioun sinn. Ech wëll just drop hiweisen, dass mer am Moment op eng ganz konstruktiv Aart a Weis zesummeschaffen, ausser dass den Här Kartheiser eis heiansdo ëmmer an engem warnenden Toun oder an engem freedegen Toun seet, hie géif sech op de Referendum freeën.

Ech wëll dem Här Kartheiser awer soen, dass ee vu senge fréiere Kollege sech ëmmer e Spaass draus gemaach huet, fir der Verfassungsmajoritéit an der Institutionskommissioun dervun ofzeroden, esou ee Referendum ze maachen. Ech weess net, wat seng Hannergrënn waren, firwat en eis dat esou frëndlech geroden huet. Nach ass et awer esou - an déi Kollegen, déi an där Verfassungskommissioun sinn, an där Institutionskommissioun sinn, wëssen, dass ech hei keng Dommheeten erzielen, mee dass dat esou ass -, dass den Här Gibéryen mat deem selwechte spëttesche Lächelen eis gesot huet, e géif eis dervun ofroden, well hie géif sech ...

■ **Une voix**.- A sou!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- ... am géigen-deelege Fall freeën.

Da wëll ech soen, dass eng éischt Consultatioun jo scho stattfonnt huet iwwer Är Virschléi, wat e ganz gudden Echo hat a wou mer net am Wuertbroch sinn, well mer en Deel vun deene guddé Propositionen och an eise jëtzege Propositione matiwwerholl hunn.

An et deet mer leed, den Här Kartheiser schwätzt hei vun „engem“ Referendum. Wa mer dat géife kucken, wéi et elo ass, an all déi Verfassungsrevisiounen, déi elo an der rezenter Vergaangenheet waren, an déi, déi nach op eis zoukomme wäerten, jo, da komme mer aus dem Referendum iwwerhaupt net méi eraus, well da maache mer all 14 Deeg oder all dräi Wochen e Referendum.

Dofir, Kollegeinnen a Kollegen, ech kann lech nëmmen am Numm vu menger Fraktioun, mee awer och a menger Eegenschaft als President vun der Verfassungskommissioun de Rot ginn, fir déi heite Resolution ofzeleenen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Di Bartolomeo.

### 11. 7675 - Projet de loi autorisant la participation financière de l'État au programme stratégique d'infrastructure de l'Agence OTAN de soutien et d'acquisition (NATO Support and Procurement Agency - NSPA), ainsi qu'à l'infrastructure « Outside Cabling Plant 2 » (OCP2), à Capellen (suite)

#### Dispense du second vote constitutionnel

ler ech dem Här Léon Gloden d'Wuert ginn, muss ech lech nach eppes agestoen: Ech hat nom Vott vum Projet de loi 7675 vergiess, d'Dispens vum zweet Vote constitutionnel ze froen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Mir haten lech déi a Gedanke scho ginn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ass d'Chamber d'accord mat der Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Selbstverständlich.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Dann ass et esou decidéiert.

### 12. Résolution de M. Fernand Kartheiser relative à un large débat et à une consultation publique sur la révision constitutionnelle (suite)

An da ginn ech dem Här Léon Gloden d'Wuert.

#### Discussion générale (suite)

■ **M. Léon Gloden (*CSV*)**.- Merci, Här President. De President vun der Institutionskommissioun huet et ënnerstrach: Mir féiere ganz konstruktiv Diskussiounen an der Institutionskommissioun iwwert déi eenzel Punkten, déi elo an der aktueller Verfassung solle geännert ginn. D'ailleurs muss ech soen: Den Här Kartheiser bréngt sech och an déi Diskussiounen an. Mir hunn alleguer vill bäigeléiert iwwert d'Grade vun engem General an der Arméi am Kader vun der Diskussioun, wéi de Grand-Duc soll als Chef de l'État a vun der Arméi an der Verfassung verankert bleiwen.

Doriwwer eraus stellen ech fest, datt an der Resolution vun der ADR zwee Feeler stinn.

■ **Une voix**.- O mei!

■ **M. Léon Gloden (*CSV*)**.- Am Considerant schwätzt d'ADR vun de „Verfassungstexter“, déi an dem Walprogramm vun de Parteie gestanen hätten, also vu verschiddeenen eenzelnen Texter. Mir als CSV haten am Walprogramm, Här Kartheiser, vun engem globaler Verfassungsreform geschwat. Dat heescht, dat ass deen éischte Feeler. Do leit Der falsch.

An dann an der Partie, wou da soll elo eppes decidéiert ginn, do schwätzt Der vun enger „globaler“ Verfassungsreform. Or, wéi esou oft bleift d'ADR an hirer Zäit stoen. Well mir sinn net méi am Kader vun enger globaler Verfassungsreform. Mir sinn elo am Kader vun der Modifikatioun vun eenzelne Punkten - déi berüümt Lëscht mat 30 Punkten, déi déi verschidde Parteien ofgeschwat hunn. An et sinn déi eenzelne Punkten, déi mer elo änneren; eeben net méi déi global Verfassungsreform.

Duerfir wäert d'CSV dës Resolutioun net matdroen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Gloden. Da kritt den Här Kartheiser nach eng Kéier d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Di Bartolomeo an och dem Här Gloden villmools Merci soe fir hir Ausféierungen. Déi si wierklech historesch interessant - an ech betounen „historesch“ interessant -, well mir hunn nämlech hei wierklech e Walverspriechebroch vun deene Parteien, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Ma also ...

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- ... déi dat ugekënnegt hunn. An ech erklären lech firwat.

#### (Brouhaha)

Ech erklären lech firwat. Et ass dach bëlleg, 2018 bei den Nationalwalen de Leit ze versprechen, datt iwwert d'Verfassungsreform - eng oder eng global Reform - ofgestëmmt gëtt, an dann no de Walen deen Text an e puer kleng Texter opzedeele, iwwert déi dann net méi soll ofgestëmmt ginn. Ma wou si mer dann?! Fir wat haalt Dir eigentlech d'Lëtzebuerger Bierger? E Versprechen, wat Der gitt fir eng Verfassungsännerung, déi substanziiell un

d'Wiese vun eise Land geet, un eis Relatioun mat der Europäescher Unioun, un eis Staatsform, un de Rôle vum Staatschef, un d'Justizreform, an Dir gitt dann hin an Dir maacht et praktesch am klengen Krees, fir hei ee Vott ze huelen an dann nach en anere Vott an nach e Koup Gesetzer ofzeleenen. Dir huet de Leit dat ewech, wat Der hinne versprach hutt!

Ech wëll hei zitieren ...

(Interruption par M. Léon Gloden)

Jo, et steet net do: „véier kleng Deeler“, Här Gloden!

■ **M. Léon Gloden (*CSV*)**.- Dat anert steet awer och net do.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- D'CSV huet e prinzipiell Versprieche gemaach: „Vor dem ersten verfassungsrechtlichen Votum wird der Verfassungstext in regionalen Diskussionsrunden mit den Bürgern erörtert und diskutiert. [...] Dieser Text wird danach den Bürgern in einer Volksbefragung vorgelegt und wird das zweite verfassungsechtliche Votum ersetzen.“ An Dir maacht hei e bëllegen Trick, fir do derlaanschtzekommen. Walbedruch!

D'LSAP: D'LSAP huet gesot: „Der neue Verfassungstext“ - bon, do kann ee soe global oder véier klenger -, „Der neue Verfassungstext ...

(Interruption par M. Georges Engel)

Här Engel, Dir hutt lech scho blaméiert haut. Waart elo mol eng Sekonn!

#### (Brouhaha)

„Der neue Verfassungs...“

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Wannechgelift!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- „Anstelle einer zweiten Lesung soll der neue Verfassungstext ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Wannechgelift net an deem doten Toun!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- ... allen stimmberechtigten Bürgern anschließend ...

(Interruptions)

■ **M. Georges Engel (*LSAP*)**.- Elo geet et awer duer, Här Kartheiser!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Wannechgelift och net an deem doten Toun! Den Här Kartheiser huet d'Wuert, an an engem gemäässegten Toun.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- ... nach breiter öffentlicher Diskussion zur Abstimmung per Referendum ...“

#### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- ... an engem gemäässegten Toun.

■ **M. Georges Engel (*LSAP*)**.- ... heibanne just een!

(Interruption)

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- Also nach eng Kéier - d'LSAP ass esou beegesichert, datt se mer draschwätzt -: „[...] der neue Verfassungstext allen stimmberechtigten Bürgern anschließend nach breiter öffentlicher Diskussion zur Abstimmung per Referendum vorgelegt werden [...]“ Walversprieche vun der LSAP, haut hei gebrach! Just, fir datt mer et wëssen.

D'Demokratesch Partei, déi den Numm net verdéngt: ...

#### (Exclamations)

■ **M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État***.- Fir wien huet Der ...

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- ... „Die vier größten im Parlament vertretenen ...

■ **Une voix**.- Also dat do ass awer ...

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- ... Parteien ...

■ **M. Georges Engel (*LSAP*)**.- Fir wien haalt Dir lech, Här Kartheiser?

(Interruption)

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- ... tragen diesen Text mit und haben sich für ein ...

■ **Une voix**.- De President ass selwer Member do!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- ... Referendum während der nächsten Legislaturperiode ausgesprochen. Da die Verfassung die eigentliche Rechtsgrundlage unseres Landes ist, muss im Vorfeld das Referendum mit weitgehendster und objektiver Information sowie weitmöglichster Bürgerbeteiligung begleitet werden.“ Alles dat sinn huel Wieder! Déi Parteien, ...

■ **M. Gilles Baum (*DP*)**.- Dir wësst dach ganz genau, datt mir an engem aneren Zenario sinn!

#### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*), *auteur***.- ... déi dat Versprieche haut hei ..., déi dat Versprieche 2018 de Wieler ginn hunn, ...